



Commission de la circulation du 05.05.2021

Ufank 20h00

1. PRESENZLËSCHT (VERSAMMLUNG VIA MEETING.HELPERKNAPP.LU)

9/12 membres présents : Jean-Jacques BUTTEL, Patrick CINCIS, Rick EDERT, José FERNANDES, Gilles KLEIN, Marc HOFFMANN, Serge VAN KAUFENBERGH, Manou PETRY, Patrick KRAEMER,

3/12 membres excusés: Marc BUCHLER, Patrick EVERARD, Laurence GENGLER-VALMORBIDA

0/12 membres non-excusés:

Président de la séance: José FERNANDES

Sekretär : José FERNANDES

2. VALIDATIOUN VUM RAPPORT VUN DER LÄSCHTER VERSAMMLUNG

Den Rapport vun der Versammlung vum 24/03/21 gët eenstëmmeg ugehall

Dës Prozedur ass am ROI vun den Commissiounen esou festgehalten. An deem Sënn wonnert sëch d'Commissioun firwat den Rapport vun der läschter Versammlung schon um Internet Site vun der Gemeng disponibel ass, wann en nach nët validéiert ass.

Desweideren steet am ROI datt d'Commissioun den Rapport muss un d'Sécrétariat aus der Gemeng schécken an datt d'Commissioun den Rapport approuvéiert misst zrëckkréien. Hei den Ausschnëtt aus dem ROI:

F. Rapports des réunions

„Les commissions consultatives doivent envoyer le rapport de leur séance endéans un délai de deux semaines au secrétariat communal. Celui-ci transmet le rapport au collège des bourgmestre et échevins et au conseil communal.

Le rapport, approuvé et renvoyé par le secrétariat communal aux membres de la commission, est approuvé par la majorité des membres de la commission lors de la prochaine réunion officielle. Cette approbation peut se faire en personne ou par écrit.“

Bis dato stellt d'Commissioun fest datt dat nët geschitt ass.

3. BROSCHÜR - MOBILITÉIT AN DER GEMENG HELPERKNAPP

D'Opstellung vun der Broschür ass am gangen gemeet ze gin vum JOSE FERNANDES.

D'Commissioun décidéiert och d'Infoen iwert den Minibus vun der Gemeng aus der Broschür erauszehuelen, well dësen jo souwiso nët fir d'Awunner an/oder d'Veräiner zur Verfügung steet.

4. PARKINGREGLEMENT (DEMANDE SCHÄFFENROT)

D'Commissioun krut, iwert eis Présidentin, den 24.03.2021 vum Schäffenrot den Optrag een Règlement vun de Parkplazen ze proposéieren. An och eventuel an deem Zesummenhang sech mat der Equipe Technique zesummesetzen fir ze kucken wéi een do kéint firgoen. Verschidden Memberen aus der Commissioun hun dun och Recherchen gemeet op Siten vun aneren Gemengen fir Infoen ze fannen. Den 30.04.2021 gët d'Commissioun per zoufall gewuer datt den Schäffenrot elo een Optrag un een Bureau d'Etude opgin huet! D'Commissioun fënnt ët bedauerlech wéi

d'Communicatioun op dësen Punkt gemeet gin ass. Verschidden Leit hun Zäit doran investéiert fir duerno gesoot ze kréien datt een professionellen Buro beoptragt gin ass!

Zousätzlech dozou huet d'Commissioun puer Bedenken vis-à-vis vun esou engem Optrag. Et geet hei ëm een Gemengenreglement wou legal a juristesch Froen och mussen a betruecht gezun gin, wéi zum Beispill:

- code de la route
- droits et compétences de la police
- Etc.

An deem Sënn stellt d'Commissioun fest datt si nët déi néideg Kompetenzen huet fir esou een Règlement opzestellen, mee éischer als zousätzlechen Organ dozou Avisen oofgët bei prakteschen oder organisatoreschen Froen.

D'Commissioun hofft dann den Projet vum Bureau d'Etude kënnen ze gesin fir hieren Avis kënnen oofzegin.

5. „FEEDBACK“ SCHÄFFENROT

D'Commissioun ass relativ entäuscht iwert den „feedback“ vum Schäffenrot. No der Versammlung vum 24/09/2020, wou den JOSKE VOSMAN an JOEL MEYERS présent woren, an wou d'Commissioun och vill Äntwerten an Infoen vun deenen zwee kritt hat, ass bedauerlecherweis nëicht méi geschitt! Duerno hat d'Commissioun 4 weider Versammlungen oofgehalen, wou all kéiers Froen, Ideen oder Initiativen un den Schäffenrot adresséiert waren. Leider huet d'Commissioun ni eng Äntwert weder nach een Feedback kritt. D'Commissioun freet sech souguer op den Schäffenrot all hir Rapporten zur Kenntnis geholl huet.

D'Commissioun verlangt datt fir eng nächst Versammlung d'Präsenz vum Buergermeeschter garantéiert ass, an datt op d'Froen déi gestallt gin sin, Äntwerten oder Infoen zougedroen gin.

D'Commissioun verlangt och datt all Optrag, Avis, etc, deen den Schäffenrot un d'Commissioun adresséiert, muss schrëfftlech gemeet gin (cf Punkt 4), fir all Mëssverständnis ze verhënneren.

D'Commissioun betount och nach eng kéier datt se weider motivéiert ass, fir d'Gemeng ze schaffen!

Falls den Schäffenrot eng nei Opstellung vun all den oppenen Punkten verlangt, ass d'Commissioun gären bereed déi ze machen.

Déi nächst Versammlung soll vum Buergermeeschter, mat Präsenz, aberuff gin.

FIN 21h45

Zousatz zum Rapport: (konfirméiert iwert e-mail un all Member aus der Commissioun)

„Demission vum Laurence Gengler Valmorbida (Présidentin)“

Den 06/05/2021 huet d'Laurence Gengler Valmorbida, Présidente vun der Verkéierscommissioun, d'Commissioun iwert hier Demission informéiert.

An deem Sënn freet d'Commissioun den Gemengenrot, laut ROI:

Démision ze validéieren

Enn neien Member an een Suppléant fir d'Verkéierscommissioun ze nominéieren